N°719
Entrée le 06.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 719 vum 10. Mee 2024 vun den honorablen Här Deputéierten Marc Goergen a Ben Polidori betreffend dem Navigatiounssystem vun de Chauffeuren vum Service Adapto**

Déi honorabel Deputéierte beruffen sech op d'Resultat vun enger Ëmfro wou 40,61% vun den 197 Persounen déi un dëser Ëmfro deelgeholl hunn, schonn emol e Problem mat enger Adress am Navigatiounssystem haten.

Di konkret Fro no der Erklärung, *"wéi et méiglech ass, dass et zu souville Fäll komme konnt, wou de Navigatiounssystem d'Adress net kannt huet?"* kann ech esou beäntwerten:

Den Navigatiounssystem baséiert op den Donnéeë vu Google Maps, déi reegelméisseg aktualiséiert an optiméiert ginn. Op d'Zouverlässegkeet vun deenen Donnéeën huet d'Verwaltung fir den ëffentlechen Transport (ATP) just limitéierten Afloss.

Bei enger Reservatioun vun enger Faart kann een, wann een d'Adress op eng aner Manéier wëll uginn, de Pin präzis op déi gewënschte Plaz op der Kaart setzen. Esou gëtt d'Chauffeuse oder de Chauffeur op déi richteg Plaz geleet. Beim Reservéieren iwwer Telefon am Call Center gëtt dëst och gréisstendeels applizéiert, fir all méiglech Konfusioun ze verhënneren.

Zousätzlech besteet bei all Reservatioun d'Méiglechkeet, eng Notiz oder Umierkung fir d'Chauffeuse oder de Chauffeur ze hannerloosse mat eventuell präzisen Informatiounen zur Adress. Wann d'Chauffeuse oder de Chauffeur um Wee ass fir déi nächst Persoun sichen ze fueren, kritt si oder hien dës Informatiounen ugewisen a kann se berécksiichtegen.

Iwwregens huet d'ATP an der Periode tëschent Juli 2023 an Dezember 2023 61 schrëftlech Reklamatiounen zum Adapto traitéiert, dovunner hunn der 3 d'Adress betraff, dëst op ronn 90 000 Faarten.

Lëtzebuerg, den 6. Juni 2024

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes